N°333
Entrée le 14.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.02.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 14.Februar 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheets- a Sozialministesch weiderzeleeden.

Op hirem Neijooschempfank hunn d'FEDIL, d'Handwierkerkammer- a Federatioun vun der Regierung ee "Karenzdag" oder eng "reduzéiert Indemniséierung" am Krankheetsfall vun de Salariéë verlaangt. Beim Karenzdag géif de Salarié am Krankheetsfall net indemniséiert ginn. Et ass dëst eng Reaktioun op d'Entwécklung vum Krankestand vun 2022, dee méi héich ass wéi an deene Jore virdrun.

Dës Fuerderung ass net nei an ass vun deene viregte Regierungen ni zeréckbehale ginn, well se 1. ongerecht ass an 2. de Problem net léisst respektiv éischter verschäerfe kann.

- Ech géif dofir gäre vun der Madamm Ministesch wëssen, wat d'Regierung vun dëser Fuerderung hält?
- Wéi huet sech de Krankestand am Joer 2023 am Verglach zu 2022 entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

Mars di Bartolomeo
Deputéierten